Eis Schüler vun der 3C-URBS hunn hiert Wëssen zu der Geologie vu Lëtzebuerg weider verdéift. Si waren dofir am Éislek ënnerwee an hunn d'Spueren aus der Vergaangenheet um Terrain selwer analyséiert.

NOVEMBER 2024

# Visitt zu Maarteleng am Schifermusée



Am Kader vum Geschichtscours iwwer d’Industrialiséierung hunn eis 5G-Klassen sech op eng spannend Entdeckungsrees an d’Schiferindustrie vu Maarteleng beginn.

Do hu si geléiert, wéi de Schifer als wichtegt Baumaterial fir d’Regioun ofgebaut gouf an eng zentral Roll an der Bauwirtschaft hat - och fir Lëtzebuerg.

An der aler Schifergrouf konnten d’Schüler déi schwéier Aarbechtsmethoden an déi historesch Maschinnen aus der Zäit vun der Industrialiséierung entdecken. Eng besonnesch Erfarung war d’Ausprobéiere vun ale Schreifmaschinnen, wat hinnen d’Aarbecht vun de Verwaltungsleit méi nobruecht huet.

E grousse Merci geet un d’Guidë vum Musée de l’Ardoise (www.ardoise.lu), déi mat hire spannenden Erklärungen dësen Dag zu engem besonneschen Erliefnes gemaach hunn. ●










# Orange Week am LJBM

De 25. November huet den LJBM bei der Orange Week matgemaach. D'Schüler konnten um Glécksrad dréinen a Froen zum Theema „Gewalt géint Fraen a Meedercher" beäntweren.

Eis Leit vum SePAS hunn dës Aktivitéit zesumme mat der Stagiaire Chiara encadréiert a Mandarinne verdeelt.

Merci dem Här Antoine fir déi flott Fotoen.

































# Faarwen a Spektren an der Physik



D'3C-COMED an d'3C-URBS hu sech an der Physik mat de Froe beschäftegt, wat Faarwe sinn, wéi se entstinn a wéi mir se wouerhuelen.

Dono hunn d'Schüler mat hirer Physiksproff zesumme verschidde Spektre vu Gasentluedungsluuchten ugekuckt an diskutéiert, wisou Spektralanalysen sou nëtzlech sinn (ë. a. fir astronomesch Observatiounen) a wat een unhand vun deene Spektren alles rausfanne kann (z. B. wéi Stären an aner Himmelsobjeten entstinn, wéi se evoluéieren, wat hir cheemesch Zesummesetzung ass, wéi se sech beweegen...). ●

# Halleffinall vun der Naturwëssenschaftsolympiad



4 Schüler aus dem LJBM hu sech an der 18. Naturwëssenschaftsolympiad fir d'Halleffinall qualifizéiert.

2293 Schüler aus 30 Lycéeën hunn um 1. Tour, deen de 14. November stattfonnt huet, deelgeholl, a Froen zur Biologie, zur Chimie an zur Physik beäntwert. Déi 82 bescht Schüler, dorënner de Junyi, de Louis, den Nico an de Philippe (feelt op der Foto), wäerten den 9. Januar an der Halleffinall untrieden.


Mir gratuléieren deene 4 fir dës gutt Leeschtung an drécken hinnen natierlech weiderhin d'Daumen!


NOVEMBER 2024

# Researchers' Day 2024









Enn November waren an der Rockhal d'Researchers' Days 2024, déi grouss Wëssenschaftsfoire vum Luxembourg National Research Fund (FNR).

Eis Schüler vun 2e an 3e kruten hei d'Méiglechkeet, sech iwwert den aktuelle Stand vun der Fuerschung am Land z'informéieren.

Si hu ganz aktiv un den Aktivitéiten op de Stänn vun deene verschiddene Fuerschungsinstituter deelgeholl an dobäi vill Neies geléiert.

# D'7G1S war en Dag um Bauerenhaff






Den 22. November hunn d'Schüler aus der 7G1S, enger vun eise Wëssenschaftsklassen, eng spannend Zäit um Bauerenhaff verbruecht.

Um Programm stoungen d'Kenneléiere vun de Bauerenhaffsdéieren an hirem Alldag (als éischt am Betrib Vosman a dono am Mariendall), dann d'Matmaache bei den Aufgaben um Haff, wéi dem Fiddere vun den Déieren an dem Botze vun de Ställ. An zu gudder Lescht gouf nach an der pedagogescher Kiche selwer gekacht.

D'Schüler hu selwer Botter, Kéis, Brout, Popcorn a Müsli gemaach. Gutt encadréiert goufen eis Schüler ë. a. vun der Madamm Simon, der Madamm Strecker an der Madamm Mersch.

D'Schüler hunn also gesinn, vu wou eis Liewensmëttel hierkommen, a se verstinn elo de wichtege Beruff vum Bauer besser a kënnen dës Aarbecht méi wäertschätzen. Eng flott Erfarung!





DEZEMBER 2024

# D’ACCU an CLIJA-Klassen op der Äispist



Eis ACCU- a CLIJA-Klassen waren op d’Kockelscheier gefuer an haten do eng fantastesch Zäit op der Äispist.

D’Schüler hu sech herrlech ameséiert, et gouf vill gelaacht, d’Begeeschterung ass vun engem Schüler op deen aneren iwwergesprongen an huet och d’Enseignantë matgerappt.

Jiddereen ass mat engem Laachen am Gesiicht a wonnerschéinen Erënnerungen heemgaangen.

# BTS-Studente zu Paräis op der IMMO





Den 9. an 10. Dezember hunn d'Studente vun de BTS-Klassen "Professions Immobilières" eng Rees op Paräis gemaach, mat engem kloren Zil: Si wollten de renomméierten Immobilienkongress IMMO am Carrousel du Louvre besichen.

Hei konnten si déi aktuell Tendenzen am Immobilieberäich kenne léieren an ureegend Gespréicher mat Experte féieren. Ënnert de ville perséinlechen Highlighte war eng Interventioun vum Robin Rivaton (Entrepreneur, Auteur a Chroniker beim L'Express) iwwer d'Erausfuerderungen am Immobiliesecteur an d'Roll vun den neien Technologien, wéi z. B. der KI.

Zousätzlech haten d'Studenten d'Geleeënheet, kollegial Relatiounen opzebauen, andeems si sech mat BTS-Studenten aus der Schoul SNPI (Syndicat National des Professionnels Immobiliers) getraff hunn. Wärend enger informeller Ronn mat Mëtschen a Jus gouf iwwert d'Ausbildung diskutéiert. Besonnesch huet sech gewisen, datt zu Lëtzebuerg, am Verglach zu Frankräich, d'Baufachfächer eng wichteg Roll spillen.

E grousse Merci geet un all déi, déi dësen Austausch méiglech gemaach hunn, virun allem d'Madamm Speltz, déi d'Organisatioun mat vill Engagement iwwerholl huet, an d'Chambre Immobilière, déi dëse Projet finanziell generéis ënnerstëtzt huet.



**DEZEMBER 2024**

# Eng 2. Plaz am Streetball



Den 12. Dezember huet am LGL de Streetball-Turnoi an der Kategorie Seniors stattfonnt.

D’LJBM-Team, mam Bruna, Fabian, Djessi, Daniel a Ronalson, huet sech bis an d’Finall konnten duerchsetzen, wou eis Sportler sech da leider ganz knapp an nëmmen op 1 Punkt hu misse géint den LTC geschloe ginn.

Respekt fir hire super Asaz a Gratulatioun fir eng bemierkenswäert 2. Plaz ënner 26 Ekippen!

# Visitt vun 2 Bauprojeten zu Beetebuerg







D'Studente vun eisen 2 BTS BIM-Klassen haten zesumme mat hiren Enseignanten d'Chance, zwee beandrockend Bauprojeten zu Beetebuerg méi genau z'entdecken:

1. D'Pantoffelschoul um Krakelshaff – e speziellt edukatiivt Konzept, dat modern Architektur mat nohaltegem Baue verbënnt. Eis Studenten hu sech virun allem d'technesch Detailer ugekuckt an observéiert, wéi komplex d'Koordinatioun vun esou engem Projet ass.

2. Déi nei Bowstring-Bréck – dëst beandrockend Bauwierk verbënnt zwou Säite vu Beetebuerg a gëtt direkt op der Plaz zesummegebaut. D'Plange vun esou enger Bréck an d'Ëmsetzung si faszinant a weisen, wéi grouss d'Erausfuerderunge bei esou Projete sinn.

E grousse Merci geet un den Här Bohler vun der Gemeng Beetebuerg fir seng kompetent Erklärungen an dofir, datt hie sech d'Zäit geholl huet, eise Studenten d'Projeten am Detail méi nozebréngen.

# De BTS BI op Besuch bei der Firma Jans



Och d'Studente vun eisen 2 BTS-Klassen "Bâtiments et infrastructures" waren um Terrrain ënnerwee.

Si hunn 2 interessant Chantiere vun der Firma Jans besicht. Eis Studente konnten hei gesinn, wéi e Changement am PAG wärend der Exekutiounsphas d'Erweiderung vum Gebai (an der Déift an an der Héicht) erméiglecht huet. Déi zousätzlech Bauvolume si gréisstendeels am Holzmassivbau geplangt an ausgefouert ginn. De Mix vun de Materialie war gutt siichtbar an d'Erausfuerderunge si vum Här Peiffer kompetent erkläert ginn.

Dëst war sécher e wäertvolle Moment an der Ausbildung vun eise Studenten. E grousse Merci un all Representant vun der Firma Jans fir déi professionell Begleedung.

# Visitt vum DemokratieLabo










D'Schüler vun eiser 4C1 an der 2CG waren op Visitt an der Ausstellung Demokratie Labo, déi een am Festsall vum Mamer Lycée besiche konnt.

D'Schüler hu sech mam Theema Demokratie auserneegesat a konnte selwer experimentéieren, entdecken an analyséieren. Sujete wéi Identitéit, Virurteeler, Fräiheet a Gerechtegkeet waren am Vierdergrond an d'Schüler hu misse Froe beäntwere wéi z. B. Wéi eng Roll spille Medien an enger Demokratie? Hunn ech Virurteeler? oder Wat ass e richtege Lëtzebuerger?

Et war eng immens flott Method, fir de Schüler dat abstrakt Konzept vun Demokratie op eng interaktiv Aart a Weis nozebréngen.

JANUAR 2025

# Visitt vum Wunnprojet Elmen



D'Ofschlossklass DC3DB vun de Bauzeechner hat d'Geleeënheet, Chantiere vum Wunnprojet Elmen vun der SNHBM (Société Nationale des Habitations à Bon Marché S.A.) ze besichen.

Dëst ass en neit Duerf, wat zu Olm entsteet, wou 375 Haiser an 375 Appartementer gebaut ginn. Dësen innovative Wunnprojet ass dorop ausgeriicht, ronn 2000 Awunner an engem modernen an nohaltege Kader opzehuelen.

E grousse Merci un d'Societéiten SNHBM a SOCLAIR, déi dës inspiréierend a léierräich Visitt méiglech gemaach hunn. ●



JANUAR 2025

# Classe neige 2025

















Classe neige 2025:

Eis Schüler si gutt zu Hinterglemm ukomm. ●

E méi genauen Abléck iwwert d'Aktivitéite vun de Schüler a vill flott Fotoe fënnt een am Blog: https://ljbmhinterglemm.wordpress.com/

À voir en vidéo ici

JANUAR 2025

# Roundabout AIDS




Den 23. a 24. Januar war d'Ausstellung "Roundabout AIDS" vun der HIV-Berodung vun der Croix-Rouge am LJBM.

10 Schüler vun eiser 4GPS, 3GPS a 4GIG hate sech am Virfeld wärend engem Formatiounsweekend fir dës Missioun schlau gemaach a sech op d'Erkläre vun den eenzelne Schwéierpunkte spezialiséiert.

D'Zil war et, aner Schüler mat engem Rallye duerch d'Ausstellung ze féieren an esou op 5 Statiounen eis 5e-Schüler zu den Theeme Léift, Gefiller, HIV an AIDS z'informéieren an si ze sensibiliséieren.

Merci all deenen, déi matgemaach hunn. ●

# Virstellung vun der Uni.lu

Eis 2e- a 1re-Schüler haten den 28.1. d'Geleeënheet, déi verschidde Formatioune vun der Uni.lu z'entdecken a geziilt Froen ze stellen.

Duerch eng Rei Evenementer, sou wéi dat hei, versicht eis Orientatiounsekipp e Kader ze setzen, datt d'Schüler sech optimal fir déi nächst Etapp vun hirer Formatioun virbereede kënnen.

Nieft der Interventioun vum Här Nicolas Coda huet eng Studentin, eng fréier Schülerin vum LJBM, de Schüler een Abléck zum Studenteliewen op der Uni.lu ginn.

E Merci geet un eis Experten.



FEBRUAR 2025

# Op Besuch bei der Firma Ost Fenster



D'Studente vun eisem 2. Joer vum BTS Professions immobilières hunn d'Firma Ost Fenster s.a. besicht, e renomméierten Hiersteller vu qualitativ héichwäertegen Holzfënsteren.

Wärend dem Tour krute si spannend Abléck an déi ganz Produktiounsketten – vun der bewosster Auswiel vum Holz iwwert dat exakt Verschaffe bis hin zur ëmweltfrëndlecher Uewerflächebehandlung.

Dëse Familljebetrib, deen elo vun de Geschwëster Lynn a Sven Hilger geleet gëtt, beandrockt mat senger erfollegräicher Kombinatioun vun traditionellem Handwierk a moderne Produktiounsmethoden. D'Zil ass laang haltbar, nohalteg an ästhetesch Fënsteren ze produzéieren. Am Produktsortiment fënnt een niewent Fënsteren an Dieren awer och sophistiquéiert Glasfassaden.

Eis Studente kruten e wäertvollen Abléck an eng floréierend Lëtzebuerger Firma a soe Merci fir déi flott Visitt.

FEBRUAR 2025

# Erasmus+ Mobilitéit zu Neufahrn






Am Kader vum *Erasmus+*-Programm hunn d'Schülerinne a Schüler vum Lycée Josy Barthel am Februar 2025 ënner der Begleedung vun der Madamm Fratini an dem Här Rauen un enger Mobilitéit zu Neufahrn bei München deelgeholl. Eis däitsch Partnerschoul, „Oskar Maria Graf Gymnasium" huet d'Ekipp mat engem dynamesche Flashmob häerzlech begréisst, éier d'Participanten an internationale Gruppen un der Virbereedung vun engem traditionelle bayresche Frūstück deelgeholl hunn.
Eng Visitt am Gemengenhaus mat engem Austausch iwwer d'Migratiounsgeschicht vun der Stad huet de Start vun enger interessanter Woch markéiert.

Am Laf vun deenen nächsten Deeg hunn d'Schüler d'Stad a seng multikulturell Dimensiounen entdeckt: Bei engem Foto-Rallye, enger Visitt vun enger Moschee an Atelieren zum Theema „A Taste of Migration", wou kreativ Presentatiounen a Vlogs entstane sinn. Eng Excursioun op München huet d'Grupp mat de verschiddene Facette vum Theema Migratioun vertraut gemaach, ënner anerem am Quartier *Little Istanbul* an am soziokulturelle Wunnprojet „Bellevue di Monaco", wou d'Integratioun a gemeinschaftlech Initiativen am Mëttelpunkt stinn.

Zum Ofschloss vun dëser *Erasmus+*-Woch hunn d'Schüler a Gruppen international Rezepter nogekacht, déi si an hire Gespréicher mat Awanderer gesammelt haten. D'Ofschlossparty mat kulinaresche Spezialitéiten, Videoe vun de beschte Momenter an engem fréndschaftlechen Ausklang huet eng Woch voller Léieren, kulturellen Austausch a vill Spaass ofgeronnt.

# Erasmus+
# Mobilitéit zu Neufahrn
















FEBRUAR 2025

# Gutt Futsall gespillt!



Um Futsall-Turnéier vun der Lasel huet eis Cadets-Ekipp hir dräi Matcher alleguer gewonnen an huet sech souverän fir d'Finallronn qualifizéiert.

Bravo fir dës super Leeschtung a vill Gléck am nächsten Tour!

FEBRUAR 2025

# Den LJBM an der First Lego League




Den LJBM war och dëst Joer op der First Lego League präsent.

Eis Schüler hu säit September hire Roboter gebaut a programméiert, fir déi verschidden Aufgaben z'erfëllen. Si hunn hire Fuerschungsprojet zum Theema "Korallestierwen" virgestallt a konnten domat iwwerzeegen. Encadréiert vum Här Hermes haten eis Schüler e super Dag am Forum mat vill Competitioun a Spaass.

Um Enn ass et am Robot Game fir eng 11. Plaz vu 25 duergaangen.

E Merci geet un den Här Gil Belling fir säi Besuch a seng Ënnerstëtzung op der Plaz.





FEBRUAR 2025

# Mäi Wee an d'Beruffswelt



Ënnert dem Motto "Mäi Wee an d'Beruffswelt" huet de 7.2. eng flott Aktivitéit fir eis 5G-Schüler am Mariendall stattfonnt.

Eis Schüler hu moies do un hirem Portfolio geschafft an och d'Visitt vun der YEP!-Schoulfoire virbereet.

Mëttes hu si dunn Patrone kenne geléiert, déi hinne wäertvoll Tipps fir d'Zukunft ginn hunn.

Verschidde Schüler konnte bei der Simulatioun vu Virstellungsgespréicher direkt iwwerzeegen. Mir sinn houfreg op hir Leeschtung a soen de Patronen an Institutiounen, déi deen Dag present waren, villmools Merci fir hiren Asaz: Arcus, Croix-Rouge, Den Elektriker, Felix Giorgetti, Garage Losch, Hornbach, Schroeder&Associés.

E Merci geet och un eis Cellule d'orientation et d'intégration scolaires fir d'Organisatioun an un d'Regenten, Co-Regenten an Enseignantë vun de jeeweilege Klassen.



# Visitt vum Vicus



D'Schüler aus de 7P-Klassen haten d'Geleeënheet, de gallo-réimesche Vicus z'entdecken, e geschichtleche Site op der aler réimescher Strooss tëscht Reims an Tréier, um Fouss vum Tossebierg.

Bei dëser Visitt konnte si d'Iwwerreschter vun den Thermen gesinn, déi fräi zougänglech um Ufank vum Mamerdall leien.

# D’7P am Musée



D‘Schüler vun der 7P hunn un engem Atelier iwwer d’prähistoresch Epoch am Nationalmusée fir Archeologie, Geschicht a Konscht deelgeholl.

Mat vill Interessi hu si d’Erklärunge gelauschtert, de Musée entdeckt a bei spillereschen an artisteschen Aktivitéite matgemaach.

Eis Schüler ware begeeschtert a freeë sech schonn drop, déi aner Stäck vun dësem wonnerschéine Musée ze besichen.









# Orientatioun fir d'4C-Schüler



De 4. Februar kruten eis 4C-Schüler e spannenden Abléck an déi verschidde Sektiounen, déi den LJBM am Enseignement classique ubitt. B, C, COMED oder URBS – a wéi eng Richtung soll et goen?

Eis Enseignanten hu sech vill Méi ginn a flott Atelieren organiséiert, fir ze weisen, dass eis Sektiounen net nëmme spannend an erausfuerdernd sinn, mee och zäitgeméiss a lieweg!

Och e puer vun eise 1re-Schüler hu sech mat agesat a mat vill Engagement e Schnuppercours am Spueneschen ugebueden.

Donieft konnten d'Schüler e prakteschen Abléck an eng Rei Fächer kréien, wéi Physik, Chimie, Biologie, Mathé, Géographie territoriale, Soziologie oder Architektur.

Mir si gespaant ze gesinn, fir wéi eng Sektioun eis Schüler sech entscheeden!

FEBRUAR 2025

# Visitt vum Ierfgroussherzog








De 26. Februar hate mir déi grouss Éier, datt den Ierfgroussherzog Prënz Guillaume bei eis op Besuch war.

Seng Altesse Royale huet sech zesumme mat eise 4TPGC-Schüler d'Ausstellung "Den DemokratieLabo" vum Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) ugekuckt, déi dee Moment bei eis ze gesi war. Bei de verschiddene Statioune si flott Gespréicher mat de Schüler iwwert Wäerter wéi Toleranz a Respekt entstan, duerno gouf et och nach eng Diskussiounsronn mat de Responsabele vum ZpB.

Fir dëse flotte Moment soe mir villmools Merci, Monseigneur!

E grousse Merci geet och un den Här Schoentgen, Direkter vum ZpB, a seng ganz Ekipp!

# Visitt vum Europaparlament

D’Klassen 1TPGC1 an 1TPGC2 hunn d’Europaparlament zu Lëtzebuerg besicht, dëst am Kader vun hirem Cours an der Éducation à la citoyenneté.

Iwwert d‘Rollespill „Europe Experience“ ass d’Politik fir si ee Moment lieweg ginn. D’Schüler ware motivéiert a sinn an d’Roll vun Europadeputéierte geklomm, si hunn iwwer aktuell EU-Theemen diskutéiert, verhandelt a wichteg Entscheedunge getraff.

Dëse flotten an interaktive Besuch war eng spannend Erfarung fir eis Schüler!








# LUGA - Appel à projets 2025









D’Organisateure vun der LUGA, der Luxembourg Urban Garden, enger Fräiloftausstellung, déi vum 7. Mee bis den 18. Oktober 2025 stattfënnt, hunn de Schüler vum LJBM d’Méiglechkeet ginn, e Mobilier urbain z‘entwerfen an domat Deel vun dësem Event ze ginn.

An engem 2 Deeg laange Workshop an der Jugendherberg zu Remerschen hu 34 Schüler aus Klasse vu 4e bis 1ère vun de Sektioune GA3D, GIG, G3S a C-Urbs fläisseg entworf a geplangt. Ënnerstëtzt goufe si vun hiren Enseignanten a vu Leit aus der Beruffswelt, déi hinnen no Feierowend eng Visitt gemaach hunn. Hinnen all e grousse Merci fir hir Zäit an hir wäertvoll Rotschléi.

Entstane sinn 10 ganz ënnerschiddlech Projeten, déi d’Schüler unhand vu flotte Plakater a Maquetten de Responsabele vun der LUGA, der Madamm Ann Muller an dem Här Noé Barthel, um Enn vum 2. Dag presentéiert hunn.

D’Spannung war grouss, wat fir e Projet géif ausgewielt ginn… ●

# Science Days





D'Science Days lueden all Joer Klassen aus dem Cycle 4.1 a 4.2 op spannend Schnuppercoursen an de Beräicher Biologie, Physik, Chimie an am Makerspace an.

Dëse Mëtte steet dobäi ëmmer ënnert engem speziellen Thema, dat Virwëlz erwächt. Sou kënnen d'Kanner spillend d'faszinéierend Welt vun de Wëssenschaften entdecken.





# Mérite Jeunesse






Och dëst Joer hu 4 vun eise Schüler hire Mérite Jeunesse erfollegräich ofgeschloss.

Mir gratuléieren dem Thalia, dem Brice, dem Emma an dem Claire fir hire gepackte Mérite Jeunesse.

De Mérite steet fir Engagement an Ausdauer an de Beräicher Sport, Skills a Benevolat. Eis Schüler hu bewisen, dass si bereet sinn, sech fir sech an och fir anerer anzesetzen.



# Visitt vum SIDEN





Eis Bauzeechnerklassen DC2DB an DC3DB waren op eng Visitt vum Syndicat Intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduaires du Nord (SIDEN) op d'Bleesbrëck bei Dikrech.

Do kruten eis Schüler gewisen, wéi eist verschmotzten Ofwaasser aus quasi dem ganzen Norde vum Land rëm esou gerengegt gëtt, dass et rëm dem natierleche Waasserzyklus, an dësem Fall der Sauer, zeréckgefouert ka ginn.

Mir soen dem SIDEN e grousse Merci fir déi opschlossräich Visitt.

# Chercheurs à l'école



Am Kader vu "Chercheurs à l'école" haten eis 3e-Schüler Besuch vu 4 Fuerscher vun der uni.lu an dem LIST.

Eisen 3CC, 3GPS an 3CG-Klassen huet den Här Mario Ranzinger d'Geoarcheologie méi no bruecht an d'Madamm Dr. Lisa Drost huet eis hir Fuerschung zum Theema Stress a Psychologie erkläert. Eis 3CB, 3GIG, 3G3S an 3GA3D-Klasse krute vum Dr. Torsten Granzow dat komplext Theema vun der Solid State Physik méi nobruecht. Dono huet de Prof. Dr. Christophe Ley si mat an d'Welt vun der Statistik geholl.

D'Schüler hate spannend 2 Stonnen, an deene si vill iwwert déi aktuell Fuerschung hei zu Lëtzebuerg geléiert hunn.

Mir soen dem FNR an de Fuerscher e grousse Merci fir dës flott Aktioun.



# D'5G1S op der MoonCampChallenge



D'Schüler vun der 5G1S hu sech am Kader vun der MoonCampChallenge mam Bau vun engem solargesteierte "Mars-Rover" befaasst.

Mat vill Kreativitéit hu si hir Roveren individuell gestalt, fir se prett fir hir Missioun ze maachen.

# Mottowoch op der 1ère







Virun den Examen haten eis 1ère-Schüler hir Mottowoch a si hunn hir beschten Outfits aus dem Kleederschaf zesummegesicht.

D'Theeme gounge vu Mafia iwwer Geschlechtertausch, hire Pyjama oder enger Zäitrees bis bei hir beschte Vakanzekleeder.

Fir déi eng oder aner Fotoen haten hir Regentë sech et souguer och net huele gelooss, hir Schüler bei dëser flotter Initiativ z'ënnerstëtzen.















# Projet « Gute Tat »





D'Schüler vun der 5C1 a 5CCL2 hunn am 2. Trimester fir de Cours "Vie et société" eng "gute Tat" gemaach, fir déi si, ganz am Sënn vun der Autonomie, vum Choix bis zur Duerchféierung selwer responsabel waren. Dobäi si ganz vill flott Aktiounen erauskomm.



Verschidde Schüler waren an d'Maison Relais an hunn do de Kanner bei den Hausaufgabe gehollef oder hu mat de Kanner gebak a gebastelt, anerer hu Spillsaachen a Kleeder fir d'Croix Rouge oder mam Verkaf vu Paangecher Spende fir d'Fondatioun Kriibskrank Kanner gesammelt. E puer Schülerinne waren an e Seniorenheem an hunn Zäit mat de Pensionnairë verbruecht. Eng Ekipp huet Spende fir Stroossenhënn gesammelt a konnt ë. a. och eng Operatioun finanzéieren, déi engem Mupp d'Liewe gerett huet, wärend erëm aner Schüler Villerchershaisercher gebaut hunn oder am Bësch Dreck opgeraf hunn. Anerer hu bei sech selwer op Plastik verzicht, si mam Vëlo an d'Schoul komm an hunn e ganzen Dag laang Komplimenter an der Schoul verdeelt an d'Matschüler motivéiert.

Wow - esou vill super Usätz! Bravo!






# Diversitéitsdag am LJBM



D'Fréijoer huet ugefaangen, et gëtt alles méi faarweg a méi divers.

Fir d'Diversitéit ze feieren, hu mir deen Dag am LJBM dee faarwegste Méindeg vum Joer zelebréiert.

ABRËLL 2025

# Réagis! Liewe retten



Virun der Ouschtervakanz hunn d'Schüler vun den 2e-Klassen am LJBM geléiert en Häerzstëllstand z'erkennen a richteg ze handele fir e Liewen ze retten (Häerzmassage an Defibrillator). ●



# Eng Zäitreess zeréck bei d'Kelten



Zwou vun eise 6C-Klassen haten Enn Mäerz d'Geleeënheet, en interessanten Dag bei de „Georges Kayser Altertumsfuerscher" ze verbréngen.

D'Schüler kruten een informativen Androck iwwert d'Aarbecht vun engem Archeolog. Si sinn esou munches iwwert d'Liewen an d'Kultur vun de Kelten an duerno de Gallo-Réimer gewuer ginn, déi sech an der Géigend ronderëm den haitege Bësch „Am Miecher" bei Giewel ugesidelt haten.

Déi engagéiert Leit vun der GKA konnter deene Jonken d'Resultat vun hirer praktescher Aarbecht um Terrain weisen. Ronderëm enger fantastescher gallo-réimescher Villa sinn eng etlech Niewegebaier mat verschiddene Funktioune scho restauréiert ginn; dorënner zum Beispill eng Metzlerei an esouguer eng sougenannte Badeanlag, sou wéi sech dat fir d'Réimer gehéiert huet.

Et war eng spannend Erfarung, Spueren, déi d'Leit laang virun eiser Zäit hannerlooss hunn, z'entdecken an z'interpretéieren.

Mir soen der GKA villmools Merci fir dee flotten an informativen Dag!

ABRËLL 2025

# Den LJBM Ouschterlaf



Och dëst Joer gouf am LJBM den traditionellen Ouschterlaf fir all eis 7e-Schüler organiséiert, bei deem si 30 Minutte fir e gudden Zweck gelaf sinn.

Den Erléis spende mir dëst Joer un d'UNICEF.

All de Schüler déi gelaf sinn e grousse Merci fir hiren Asaz a jidderengem e grousse Merci fir déi generéis Donen.

# Concours Digital Construction op der YEP! Schoulfoire





Den LJBM huet am Kader vun der YEP! Schoulfoire de Concours Digital Construction organiséiert.

Eng Selektioun vun eisen BTS BIM StudentInnen a BauzeechnerschülerInnen hunn hire Knowhow gewisen a hunn live eng digital Maquette gezeechent.

De Gewënner, William Cao, huet d'Chance déi lëtzebuergesch Nationalekipp fir Worldskills 2026 zu Shanghai z'integréieren.

Merci un eis ënnerstëtzend Entreprisen.

# Mobilitéit a Sécherheet op der Strooss







Eise Lycée huet de 24. Abrëll un engem wichtegen MSR-Event deelgeholl – eng Aktioun, déi eis SchülerInnen aus den 3e-Klassen (16-17 Joer) fir d'Mobilitéit an d'Sécherheet am Stroosseverkéier sensibiliséiert huet.

Mat Hëllef vun interaktive Statiounen a konkrete Beispiller gouf eise SchülerInnen gewisen, wéi wichteg Verantwortung, Opmierksamkeet a Sécherheet sinn – besonnesch wann et drëms geet, geschwënn hiren Autosfürerschäin ze maachen.

E grousse Merci un d'Organisateuren an all déi, déi dësen informativen a prakteschen Dag méiglech gemaach hunn!

# Science Mobil






Wärend 2 Woche konnten d'Schüler vun eise 7e-Klassen an de Science Mobil vum MNHN direkt virum LJBM goen.





# Blended Learning











Am Kader vum Blended Learning huet d'3C dëst Joer zesumme mat der Croix-Rouge, dem LIST an dem Expressive Game Lab vun der Université de Lorraine eege Spiller entwéckelt, déi dobäi sollen hëllefen, fir d'Schüler fir den Droit International Humanitaire (DIH) ze sensibiliséieren.

Den 23. Abrëll war et du souwäit:

D'Schüler a Schülerinne goufen an de LIST invitéiert, wou hir Spiller ausgestallt waren a si flott Präisser fir hir Aarbecht entgéinthuele konnten.

Bei där Geleeënheet krute si um LIST dann och en interaktiven Abléck an déi faszinéierend Welt vum Digitalen an d'Méiglechkeeten, déi dës eis an Zukunft bidde kann.

# D'DC2DB an d'DC3DB zu Bréissel



Eis Studierees an d'Haaptstad vun Europa war voll mat Highlights: Mir hunn de Parlamentarium vun der EU besicht, d'Jugendstilarchitektur vun der Maison Hannon bewonnert a ware spéit owes nach am monumentale Gebai vun der Bourse.

Besonnesch spannend war den zweeten Dag – mir duerfte live bei engem Geriichtsprozess am Palais de Justice derbäi sinn! Den Atomium an den Designmusée stoungen och um Programm an als Ofschloss e Besuch am Béiermusée.

Dat waren zwee wonnerbar Deeg an enger formidaabler Ambiance, et war flott, interessant a léierräich fir jiddereen! ●

# Pyramides des Âges








Am Kader vun hirem Geographie Cours, huet d'4CCL2 mat vill Engagement a Kreativitéit un hire «Pyramides des Âges»-Projete geschafft.

Mir sinn houfreg, dat si hir Aarbechten deenen anere Klassen aus eisem Lycée virstelle konnten.

Dëst war eng flott Geleeënheet, fir Wëssen ze deelen an zesummen Neies ze léieren.

Bravo un all, déi matgemaach hunn!

# Visitt vu Chantieren



Eis Schüler vun der DC1DB hunn zesumme mat hirem Enseignant dem Här Allard, eng Visite vun 2 interessante Chantiere gemaach, um Bvd Konrad Adenauer an am Val des Bons Malades.

Do konnten si d'Phase vun engem Chantier am Réibau entdecken esou wei och déi verschidden Aarbechten un enger Fassad erkläert kréien.

Merci dem Architekteburo CBA a besonnesch dem Här Guido Mertesdorf fir d'Méiglech maache vun döser flotter Visitt.

# Holzgau

Och dëst Joer sinn eis 3èmes-Klassen op Holzgau am Lechtal an den Naturstage gefuer.

Lass goung et mat enger Ganzdageswanderung mam Guide Patrick, deen eis Holzgau an d'Ëmgéigend gewisen huet an eis Erklärungen zur lokaler Natur an de Bierger ronderëm Holzgau ginn huet.

Mam Wieder hate mir Chance - dréchen si mir duerch d'Wanderung komm an tëschenzäitlech huet sech ëmmer rëm d'Sonn gewisen.

An deenen nächsten Deeg léieren d'Schüler sech a flotten Teambuilding'a Sportatelieren nach besser kennen.



# Wat sees du?



Am Workshop “Wat sees du? - Maach aus denger Klass een Debattéierclub!” konnten d’Schüler vun der 7P wärend 6 Stonnen d’Welt vum Debattéiere kenneléieren.

D’Endprodukt war eng Debatt an den zwou Klasse zu engem vun hinne gewielten Thema, eemol “Sollt d’Schoul freides nëmme bis 11.50 Auer daueren” an “Sollt ee mat der Schoul kënnen an e Fräizäitpark goen”.

Diskussiounen tëschent de Pro- a Contragruppen war ganz spannend an interaktiv a si konnten dobäi ganz vill wichteg Kompetenze fir d’Zukunft bäiléieren.

Mir soen dem Här Marc Birchen vum Script e grousse Merci fir den Encadrement vun den zwou 7P-Klassen.



# Matinée Bauberuffer



Och dëst Joer konnten sech eis Bautechniker a GA3D Schüler nees iwwert d'Visitte vu Léit aus dem Bausecteur freeën, déi hinnen hir ënnerschiddlech Parcoursen am privaten an ëffentleche Secteur presentéiert hunn.

D'Beruffer vum Architekt, Statikingenieur, Technikingenieur, Geometer an Urbanist goufen de 4e-an 3e-Schüler virgestallt, wärend d'2e an 1ère Schüler en Abléck an d'Villfalt vun den Aarbechten um Kadaster, bei der ITM a bei de Gemengentechniker kruten.

Informatiounen zu der Meeschterprüfung, dem LJBM sengen 3 BTS-Klassen am Bausecteur an engem flotte Bautechniker Bachelor zu Bréissel stoungen och um Programm.

Flott fir d'Schüler war och ze gesinn, datt 4 vun den Orateure selwer fréier Schüler vum LJBM waren. ●



# Matériauthèque




Am Kader vun der flotter Zesummenaarbecht vum LJBM mat der Matériauthèque “matériaux. archi Campus” krut den LJBM seng Ausstellung nees mat flotte Panneauen aktualiséiert an ergänzt.

Op mëttlerweil enge 60 Panneauen kënnen d’Schüler sech Echantillonen a Fotoe vu Baumaterialien ukucken an dann unhand vun engem QR-Code, direkt um Site vum Hiersteller, all schrëftlech a graphesch Informatioun fannen, fir esou ëmmer um leschte Stand a punkto neie Baumaterialien ze sinn.

Och ëmwelttechnesch Informatioune wéi Prozentsaz vu biosourcéierten oder recycléierte Bestanddeeler, Liewensdauer, ... sinn do zu den eenzelnen Baumaterialien erëm ze fannen.


E grousse Merci un d’Equipe vu matériaux.archi an un d’Schräiner vum LJBM, déi der Ausstellung e flotten neie Support gebaut hunn, deen et erlaabt, all Panneauen einfach erof ze huelen a mat op d’Klassen ze huelen.

# Kopenhagen



Nodeems d'Schüler vun der 2GA3D d'Konzepter vun der d'Stadplanung, nohalteger Architektur, der Mobilitéit an der Klimaneutralitéit vun der Stad Kopenhagen am Cours Développement Durable an an der Architektur kennegeléiert an analyséiert hunn, konnten si sech dat elo alles op der Plaz ukucken.

Wärend 3 Deeg hunn si dës Virreider Stad entdeckt, sinn net manner wéi 60 Kilometer duerch al an nei Quartieren getrëppelt, hunn eng grouss Unzuel vun interessante Gebaier gesinn, esou Munches geléiert a vill Spaass gehat.







# Wandrad Héiweng

D’2GIG an d’2GA3D vum LJBM sinn zesumme mat hire Proffe mam Vëlo vu Mamer op de Reebierg bei Héiweng gefuer.

Hei gouf als éischt e Wandrad vun der Firma SOLER besicht. D’Schüler kruten engersäits den technesche Volet erkläert, awer och wéi d’Planung vun esou engem Wandrad gemaach gëtt.

Mir soen SOLER e grousse Merci fir déi interessant Erklärungen.

Dono sinn si e puer Meter weider bei d’SES - Syndicat des Eaux du Sud gefuer. D’Schüler kruten d’Drénkwaasserbehälter gewisen. Hei gëtt vu Käerch an Dondel aus Drénkwaasser eropgepompelt fir dann de ganze Süde mat Waasser versuergen ze kënnen. Hei hunn si vill Informatiounen iwwert d’Opbereeden an d’Organisatioun vum Waasserreseau vermëttelt.

Nieft engem sportlechen an informativen Dag ass de Spaass net ze kuerz komm.



# Premièrefest LJBM






Den 8. Mee war et endlech sou wäit: Eis Primaner hunn sech eng kleng Paus vum Léiere gegënnt an hunn sech zesummefonnt, fir eng leschte Kéier virun den Examen ze feieren!

Beim schéinste bloen Himmel war d'Stëmmung immens an et gouf um Basketballterrain gekickelt, gelaacht a gebrutzelt. Spiller goufen organiséiert, wou guer net ëmmer kloer war, wie gewonnen huet – mee dat war och egal.

Fir déi mat manner sportlechen Ambitiounen: D'Iessstänn ware richteg Highlights! Eng Kalorie méi oder manner huet an deem Moment keen interesséiert.

E grousse Merci un d'Organisateuren, d'Direktioun, d'Léierpersonal an all déi, déi gehollef hunn, dësen Dag onvergiesslech ze maachen.






# GEM Day 2025



E puer Schülerinne vun eiser 5CL2 hunn um "GEM(Girls Exploring Math) Day" deelgeholl, dee vun der University of Luxembourg organiséiert gouf.

Eis Schülerinnen hunn un Atelieren deelgeholl, déi sech ëm d'Mathematik gedréit hunn. Interessant war och eng Fro-Äntwert-Sessioun, mat Doktorandinnen a Fuerscherinnen, déi hir verschidde Fuerschungsweeër zu Lëtzebuerg gedeelt hunn.

Dat ganzt stoung ënnert engem gemeinsamen Zil: jonk Meedercher z'inspiréieren an hirer Passioun fir d'Wëssenschaft no ze goen.

# Take Off




takeoffshow.lu on Tour, the Science Challenge Show am LJBM.

D'Equipe vum Take Off hu Challengen aus hirer Show fir eis Schüler matbruecht. Esou haten eis Schüler d'Geleeënheet, bei beschtem Wierder, sech un engem klengen Atelier vun der Science Challenge Show- Take Off auszeprobéieren.

Luxembourg National Research Fund - FNR

# Portes Ouvertes 2025









De 15. a 16. Mee huet de Mamer Lycée seng Dieren fir zukünfteg Schüler opgemaach. Den Interessi war grouss an d'Motivatioun vun eise Schüler an de ganze Schoulpersonal och! Et war e gelongenen Dag!












# Barcelona

2URBS/COMED goes Barcelona.

No laangem Waarden, Autoe wäschen a vill Kuch verkafen, as d'2e URBS/COMED hir Rees op Barcelona ugetruede.

# Du trac au tac



Theaterconcours „Du trac au tac“ - Schüler aus dem LJBM gewannen den éischte Präis an de Prix du Jury.

Dëst Joer hunn 10 Schüler aus dem LJBM beim Theaterconcours “Du trac au tac” matgemaach. Hei léieren déi jonk Leit ënner der Leedung vun erfuerenen Artisten déi verschidden Technike vum Theaterspill.

De 17. Mee war am Escher Theater een Optrëtt, bei deem all d’Participanten sech wonnerbar geschloen hunn. Zwou Gruppen aus eiser Klass 4C1 hu sech besonnesch gefreet; Déi eng Grupp huet den éischte Präis kritt an déi aner gouf mam Jurypräis ausgezeechent.

Et war eng schéi Victoire an een eenzegaartegt Erliefnes fir eis Schüler.

# Comic-workshop






De Mëttwoch 14. Mee hat d'4C den Andy Genen, e lëtzebuergeschen Kënschtler, op Besuch.

Hie konnt hinnen e klengen Abléck an seng Aarbecht a Geschicht vun der Bande dessinée ginn.

D'Schüler hunn esou dëse Genre méi am Detail kennegeléiert a bëssen iwwer d'Liewe vu Kënschtler zu Lëtzebuerg geléiert. Zum Schluss konnten si selwer zu Kënschtler ginn an dem Andy seng Moltechniken uwende fir hir Figuren ze molen.

Mir soe merci fir dëse flotte Moment!





# D'faarweg Welt vum Zirkus







Dank der Ënnerstëtzung vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an dem Zirkuspedagog Marc Strasser haten d'SchülerInnen aus der 6P vum LJBM d'Geleeënheet, an d'faarweg Welt vum Zirkus anzedauchen. Si konnten verschidde Disziplinen entdecken, ausprobéieren a sech an hirem Kënnen weiderentwéckelen.

Zesumme mat de SchülerInnen aus der 7P hu si, op eng spilleresch a kreativ Aart a Weis, an Atelieren gedeelt a weiderginn, wat si geléiert hunn.

De Projet war e vollen Erfolleg – net nëmme wéinst dem groussen Engagement an de Fortschrëtter vun de SchülerInnen, mee och wéinst dem gestäerken Teamgeescht, der Zesummenaarbecht an dem géigesäitege Respekt.

E grousse Merci un all déi, déi dëse Projet méiglech gemaach hunn, besonnesch un déi engagéierte Ekipp vun der Œuvre fir hir finanziell a moralesch Ënnerstëtzung!

ŒUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

# LASEL Laf - Iechternacher Séi




Den 22. Mee waren 12 Schüler vum LJBM mat um “LASEL Laf ronderëm de Iechternacher Séi” um Start.

Bei herrlechem Wieder an iwwer 1000 Leefer aus dem ganze Land hunn eis Schüler sech op der 7 km laanger Streck super geschloen.

Bravo un iech alleguer – mir si stolz op ären Asaz an äre sportleche Geescht!

JUNI 2025

# Erasmus+ zu Hamburg








D'Schüler vun der 2TPGC hunn hire Stage vu 4 Wochen an Ingenieurs- an Architektebureauen gemaach, dat am Kader vum ERASMUS+Projet.

# ArchiCAD







Déi 27 Schülerinnen a Schüler aus der Klass 2TPGC hu vum 2. bis de 5. Juni 2025 en éischte Cours am ArchiCAD gemaach – e wichtege Schrëtt a Richtung BIM-orientéiert Plangen a Schaffen.

Si hu mat vill Engagement an Interessi un der digitaler Modelléierung geschafft a ganz positiv Réckmeldunge ginn.

D'Motivatioun, sech an dësem Beräich weiderzebilden, ass grouss – ee villverspriechende Start an eng zukunftsorientéiert Aarbechtsweis!

JUNI 2025

# Theaterowend




Den 2. Mee war et rëm souwäit: D'Schüler vum Theatergrupp (ACTPA & Optioun Theater) an d'Schüler vum JosyS(w)ings hu sech op d'Bün getraut an alles ginn! Während 2 Stonnen hunn eis jonk Akteuren de Publikum gutt ënnerhalen an hir Begeeschterung war ustiechend. Trotz grousser Opreegung hu si dat immens gutt gemeeschtert a kënnen houfreg sinn op hier Leeschtung! Et war e lëschtegen Owend mat engem ganz schéine musekaleschen Encadrement vum JosyS(w)ings.

Gespillt goufen 2 Extrait'en (La Leçon d'Orthographe vum Patrick CAUVIN an Zéro de Conduite vum François FONTAINE) an d'Stéck Transit vum Joël CONTIVAL.

Matgespillt hunn den Andrea Zoto, d'Diène Bigué, d'Victoria Ramalho, d'Lena Brimmeyer, d'Chiara Chenneaux, d'Chloé Blau, d'Ella Ries, d'Abigail Hill, d'Lara Belchior Castro, d'Ella Dentzer, d'Alessia Malena, d'Alessia Steiner, d'Tiara Dos Santos Tollis an d'Estefania Jost ënnert der Leedung vum Véronique PRIM an Jessica CARIXAS.

Beim JosyS(w)ings waren et d'Erin Nieve Jordan, d'Aires Borges Venâncio, d'Alicia Dos Reis Dias, d'Claire Thibor, d'Ines Guedes Soares, d'Eleonor Gonçalves Fontoura, de Philippe Glesener, d'Trevinia Yuhana, d'Joelina Dewalque an d'Laura Haupert ënnert der Leedung vum Maurizio Di Stasi. ●



# Beetebuerger Park





D'7P konnt am Atelier "Alldag am Park" hannert d'Kulisse vum Beetebuerger Park kucken.

D'Schüler an d'Schülerinne krute vill interessant Infoen iwwert déi verschidden Déieren am Park a kruten en Abléck an déi verschidde Beruffer, déi et am Park ginn.

# Game of Elements



Eis SchülerInnen vun der 4GIG an der 5CCL2 haten déi flott Méiglechkeet d'Spill "Game of Elements", dat vum SCRIPT entwéckelt gouf, ze testen.

D'Zil vum Spill ass et, all d'Elementer vum Periodesystem opzedecken. Heifir mussen d'Schüler Froen zu de verschiddenen Elementer beäntweren an Experimenter maachen.

D'Spill huet vill Spaass gemaach an de SchülerInnen eng spilleresch Approche zu engem wichtegen Thema aus de Sciencen erméiglecht.





JUNI 2025

# Frankfurt








Op Entdeckungsrees: D'Klass 5GS1 war de 16. a 17. Juni ënnerwee op Frankfurt.

Den éischte Stopp gouf zu Giessen gemaach, wou d'Schülerinnen a Schüler d'Méiglechkeet haten, d'interaktiv Ausstellung am „Mathematikum" z'entdecken – eng spannend Kombinatioun vu Wëssenschaft a Spiller.

Zu Frankfurt stoung den « Dialog im Dunkeln » um Programm, eng aussergewéinlech Erfarung, bei där een den Alldag aus der Perspektiv vu blanne Mënschen erlieft. Ausserdeem gouf de Frankfurter Zentrum exploréiert, wou weider kulturell Impressiounen op d'Grupp gewaart hunn.

E gelongenen en Ausfluch mat ville flotte Momenter fir eis Schüler vun der 5GS1 an hir Enseignanten.

# Cross-Triathlon









Den Nils ass Champion am Cross-Triathlon!

De 5. Juni hu 7 Schüler aus dem LJBM zu Réiden um Championnat am Cross-Triathlon deelgeholl.

Bei den affiliéierte Juniors/Seniors huet sech den Nils de Championstitel erkämpft. Eng super Leeschtung!

Félicitatioune un all eis Athleten!



# Mountainbike-Championnat



Den David nach eng läschte Kéier Champion vun der LASEL!

Den 12. Juni hu 5 Schüler aus dem LJBM zu Mamer um Mountainbike-Championnat deelgeholl.

Eis Triathlon-Maschin David huet seng séllege Championstitelen nach emol gekréint – mat engem allerläschte Championstitel um Mountainbike!

Merci David fir däin Asaz an deng Leeschtungen wärend denger Zäit als Schüler um LJBM.

Op dech konnt een ëmmer zielen Verloss war op dech ëmmer!

Respekt och un de Pit-Paul, deen eng staark 2. Plaz bei de Cadets Affiliés erausgefuer ass!

# Aquathlon-Championnat




2. Plaz fir de Felix!

Den 19. Juni sinn 4 Schüler vum LJBM zu Dikrech beim Championnat am Aquathlon ugetrueden

Bei de Minimes affiliéierten huet de Felix trotz enger mësslongener Wiesselzone an nëmmen 2 Sekonnen Retard eng staark 2. Plaz erausgeschwommen a gelaf!

An der selwechter Course koum de Maurice knapp als 4. un d'Arrivée – just net um Podium, mee eng Top Leeschtung!

Trotzdeem kënnen all 4 Schüler houfreg op sech sinn!

JUNI 2025

# De BTS zu Schengen



De 25. Juni haten d'Studentinnen a Studenten aus de Klassen BTS Professions immobilières, zesumme mat hiren Enseignanten Madamm Speltz an Här Fernandes, d'Geleeënheet Schengen z'entdecken!

Bei engem flotte Spadséiergang duerch 40 Joer Schengener Ofkommes huet d'Guide Isabelle d'Visitt mat villen interessante Fakten a spannende Anekdoten beräichert.

Um Programm:

- D'Monument vum Schengener Ofkommes
- Iwwerreschter vun der Berliner Mauer
- D'Schëff Princesse Marie-Astrid

An nach villes méi!

Highlight vum Dag:

D'Catarina huet e gravéiert Schlass mam Numm LJBM un der Stolkonstruktioun "e Schlass fir Schengen" ubruecht – e symbolesche Moment.

Och d'Kolonne vun den Natiounen a den interaktive Musée hu fir vill Interessi gesuergt – Bildung mat Spaass kombinéiert!

# Maach Math 2025



Maach Math 2025 – Mir si stolz op eis Schüler!

Och dëst Joer hu verschidde Klassen aus dem LJBM um Maach Math deelgeholl – e spannende mathematesche Wettbewerb, bei deem d'Schüler komplett eleng eng Rei komplizéiert Aufgabe musse léisen.

Dobäi hunn si net nëmme musse rechnen, mee och selwer d'Gruppen astellen an d'Organisatioun iwwerhuelen – eng richteg Erausfuerderung!

Groussaarteg Resultater:
Ganzer 2 Klassen aus eisem Lycée hunn et an d'Finall gepackt – ënnert den 3 beschte Klassen aus dem Land an hirer Kategorie!

D'Finall war en Donneschdeg 26. Juni 2025 am Forum Geeseknäppchen, a mir soen BRAVO un eis Top-Klassen:

- 7G1 scientifique – 2. Plaz an hirer Kategorie
- 5G1 scientifique – 1. Plaz an hirer Kategorie.

Felicitatiounen u jiddereen – Dir hutt dat super gemaach!

# Ultimate Frisbee Action



En Donneschdeg 26. Juni 2025, ware Sofia, Achil, Alex, Dario, Idriss a Louis am Asaz um Frisbee-Tournoi zu Clierf.

Trotz schloendem Reen hunn eis SpillerInnen sech net aus der Rou brénge gelooss. De Start war net ganz einfach, mee si hunn d'Käpp net hänke gelooss. Wéi d'Sonn sech gewisen huet, koum och d'Team a Faart – an zack, zwee Victoiren um Enn! Déi eng dovunner esouguer géint de spéidere Champion vum Tournoi!

Mega Leeschtung, mir si stolz op iech!

# Biologie - Cours zu Huelmes





Den 3. Juli huet d'3CC am Kader vum Biologie-Cours eng Sortie écologique zu Huelmes gemaach. Bei perfektem Wieder hu si fir d'éischt déi geographesch a geologesch Situatioun vun Huelmes ënnersicht an dono souwuel déi biotesch wéi och abiotesch Facteuren vun enger Baach an engem Weier méi genee ënner d'Lupp geholl. En décke Merci un den SNJ Hollenfels fir dësen ofwiesslungsräichen Dag an der Natur!

# Élèves méritants











# DIPLOMIWWER



1CC



1CG COMED - URBS



1GA3D

# REECHUNG



1GIG



1TPGC1



1TPGC2


JBM











# D'EKIPP VUM MAMER LYCÉE

## ADMINISTRATION



Cirilli Vincenzo • Fernando Dishny • Monners Patrice • Ruffini Nadia • Thielen Ronny • Zanette Laura

## ASSISTANTS PÉDAGOGIQUES



De Almeida Pedro Loic • Kinsch Luc • Milic Stefan • Lacour Julie • Sabus Tim • Evert Martine

# ESEB - SSE - SEPAS



Aach Martine • Albonetti Tanja • Loverre Barbara • Miranda Ana • Pinto Rafael • Mersch Tessy • Schong Dani • Trindade Fortes Emelie • Sousa Ribeiro Vanessa • Vaessen Vicky • Bahtijari Selma • Glodé Malou • Gregorius Josyane • Jacoby Cindy • Manderscheid Michèle • Schranck Linda

# SERVICE TECHNIQUE



Stephane Alves Araujo • Denis Bis • Jean-Marie Brück • David Charlier • Francesco Colamonico • Cedric Cordeiro Goncalves • Maurice Courtois • Steve Gales • Chiara Knepper • Jessica Loes • Bruno Novais De Freitas • Marcel Pilici • Jérôme Reichling • Peter Schmitt • Cédric Simon • Maxim Viliev

# ALLEMAND



Kieffer Anne-Marie • Faber Barbara • Falzani Christophe • Hoffmann Nathalie • Radman Dijana • Radman Ljiljana • Recken Cynthia • Scheiden Ursula • Schroeder Diane • Strecker Tina • Mertz Joy

# ANGLAIS




Benit France • Dilber Mirjana • Engel Vera • Giampaolo Viviana • Maes Julie • Mitchell James • Neises Diane • Heuschling Sophie • Jungels Léini

# BAUFACH



Brix Nadine • Bintner Martine • Strasser Sylvie • Orban Martine • Schmitz Lisi • Telen Laura • Corke Satu • Ferreira Pereira Sergio • Da Silva Paulo • Chlecq Bryan • Dechmann Steve • Herrmann Roland • Biewer Tamara • Waltzing Anne • Martins Norberto • Gockel Jürgen • Schmitz Tommy • Morn Manuel • Hajder Anes • Kries Joé • Kill Marc • Kohnen Manfred

# BIOLOGIE



De Vos Mike • Franck Daniel • Halsdorf Stéphanie • Rodrigues Figueiredo Kelly • Pir Jacques • Schmit Dominique • Krischler Pit • Simon Tania • Zens Jérôme

# CHIMIE



Agosta Tanja • Hermes Pol • Rauen Gilles • Schaus Anja

# ÉDUCATION PHYSIQUE



Dohn Cynthia • Kremer Marc • Martine Pesch • Reiles Lars • Reuland Kim • Weber Christian • Manderscheid Paul • Schmitt Peter • Knepper Chiara

# FRANÇAIS



Alegria Lydia • Bigerel Anne-Sophie • Carixas Freire Jessica • Chen  Qianhong • Chimenti Catia • Christnach Françoise • Correia Rosas Vanessa • Büchler Anne • Marques Veronica • Ciuca Claudine • Pedro Batista Jean-Luc • Goncalves Nathalie • Piccirelli Julie • Prim Véronique • Ribeiro Alves Diana

# HISTOIRE-GÉOGRAPHIE



Fecchi Maïté • Neuser Jonah • Wengler Vanessa • Everad Anne • Fratini Sandra • Kremer Claude • Remesch Angela • Mariotto Chiara • Schmit Claude • Leßing Guido • Ferraro Carmine

# KONSCHT



Di Stasi Maurizio • Herr Esther • Glodé Denise • Krier Anne • Schiltz Carmen

# MATHÉMATIQUES



Diederich Alexis • Felten Chris • Frkatovic Elvir • Gras Jeff • Heymans Bob • Kerac Zarko • Mousel Jimmy • Schram Carole • Stranen Deborah • Weber Patrick • Weyer Stéphanie • Kerac Zarko

# PHYSiQUE



Boever Chris • Clees Sharleena • Dratwicki Sam • Majerus Marco • Claude Schmit

# ViESO





Bivort Béatrice

# VOiE DE PRÉPARATiON



Pillatsch Luc • Bonvini Tina • Bonifas Larry • Antoine Eric • Hemmer Lucien • Kohl Claude • Hoschtialek Anna • Lunkes Sylvie • Hanck Peggy • Biver Laure • Schleich Carine • Bauler Marc • Fioriti Emmanuel • Stiletto Mike • Klein Marc • Klein Gilles • Meghdir Salima • Pereira Astrid

# DiRECTiON



Alegria Lydia • Belling Gil • Corke Satu • Falzani Christophe • Franck Daniel • Kries Joé • Pillatsch Luc • Pinto Rafael


JOSY


BARTHEL

LYCÉE
JOSY
BARTHEL
MAMER

2, rue Gaston Thorn - L-8268 MAMER
T. +352 263140-1 - www.ljbm.lu

